Muzzle Loader and Blackpowder Shooters Luxembourg
32 rue Michel Thilges
L-9573 Wiltz / Luxembourg
info@blackpowder.lu
www.blackpowder.lu

Woltz, am Mee 2019

Objet: Projet de loi 7425 (Projet de loi sur les armes et munitions et portant : 1° transposition de la directive (UE) 2017/853 du Parlement européen et du Conseil du 17 mai 2017 modifiant la directive 91/477/CEE du Conseil relative au contrôle de l'acquisition et de la détention d'armes ; 2° modification du Code pénal, et 3° abrogation de la loi du 20 avril 1881 concernant le transport et le commerce des matières explosives).

Dir Dammen an Hären,

Den Justiz Minister Félix Braz huet den 19. März 2019 den Gesetzesprojet 7425[1] déposéiert fir d'Emsetzung vun der EU Direktive Directive (UE) 2017/853[2]

Den Projet de loi as déposéiert gin fir den internationalen Terrorismus, an och den illegalen Waffenhandel ze bekämpfen.

Desen Projet de loi, en sa forme actuelle, wärt awer en immensen Impakt hun op d'Sportschützen an Sammlerwelt zu Lëtzebuerg, ouni d'Restriktiounen fir d'Jéër ze vergiessen.

Wéi Dir secher wësst, kann eng Persoun nëmmen eng Feierwaff benotzen, wann se Member an engem Schéissclub as, respektiv den Examen fir den Juegdschein mat Erfolleg bestanen huet – an allerwichtegst: sein Casier Judiciaire Vierge as. Den Moment kennen mir 3 Zorten vun Autorisatiounen: 1) den Permis de port d'Armes de Sport fir d'Sportschützen 2) den Permis de port d'Armes de Chasse fir d'Jéer an 3) Autorisation de Détention d'Armes.

Des 2 éischt genannten Scheiner erlaben et dem Waffenbesetzer seng Waffen fir den Sport oder d'Juegd frei ze transportéiren, an op den autoriséierten Platzen ze benotzen.

Dest as aktuell den Fall bei ca 18000 Persounen zu Lëtzebuerg.

Den Projet de Loi brengt natirlech och eng Rei Virdeeler fir d'Secherheet:

- Visite Médicale all 5 Joer
- Stockage vun den Waffen an geschecherten Schief (wat souwisou all verantwortungsvollen Propriétär mecht)
- Separaten Stockage vun der Munitioun (dito)

Bei all Viirdeeler kommen natirlech och Nodeeler; an zwar:

Schaafung vun 4 Kategorien (A,B,C,D) mat 37 Enner-Andeelungen vun Waffen, dest gett immens komplizéiert an oniwersichtlech – zB och bei Kontrollen op der Strooss vun der Police.

Durch d'Aféirung vun der Kategorie A, wärten eng ganz Rei historesch an finanziell Waffen fir emmer zerstéiert gin. Heienner faalen e.a. vollautomatesch – an hallefautomatesch Waffen déi hieren Ursprung an engem Vollautmat hun. Dest sin Waffen déi legal konnten kaaf gin, an och national ouni irgendwelch Problemer hun dierfen gehandelt gin. Desweideren gett et ganz Rei Disziplinnen déi mat desen Ordonnanzgewierer geschoss gin.

Virschlag hei:

- Bei Vollautomateschen Waffen: droit de garde, mee sous conditioun, dass och wesentlech Bestanddeeler vun der Waff separat mussen gelagert gin, an zousätzlech durch elektronesch Mëttel wéi zB eng Alarmanlage geschützt gin.
- Bei den Embauten: Kontroll zB durch agréëierten Armurier oder am Zweifelsfalls durch d'Armurerie vun der Police
- Chargeuren: den Besetz dovunner erlaben, awer fir d'Benotzung – sprech Kompetitioun – limitéieren. / an och getrennt ze stockéiren.

Fir den Punkt: le rechargement de munitions et la fabrication d'ogives (balles coulées) est potentiellement une "fabrication illicite" de munitions, sanctionné pénalement

- All Sportschützen, an ganz vill Jéer, lueden hier Munitioun selwer no, fir méi eng héich Präzisioun ze kreien. Vorderladerschützen mussen fir hier historesch Waffen selwer och Geschosser "ogives" hierstellen, well et neischt méi um Marché gett. Des weideren hänken och hei an Lëtzebuerg en ganzen Deel Arbechtsplatzen an spezialiséiert Geschäfter un desem Secteur.

Virschlag hei:

- Autoriséiren mat der Conditioun nemmen déi Munitioun hierzestellen fir den privaten Bedarf an déi hien och effektif autoriséiert as via Port d'Armes.

Kategorie D / Dekowaffen

- Virschlag: hei erweideren durch d'Schafung vun engem Statut "Collectionneur / Sammler", deen durch bestemmten Konditiounen wéi virdrun schon beschriwwen därf sein Altbestand un legal kaaften Feierwaffen behalen, ouni mechanesch Zerstéirung (ggf – autorisation revocable, zB bei engem Eintrag an den Casier). Bei "Dekowaffen" as den Sammlerwert gleich null, muss nach emmer autoriséiert gin, an et as keen europäischen Konsenz ze fannen.

Mir gesin natirlech an, dass all Mëttel soll agesat gin, fir den internationalen Terrorismus z'ennerbannen, mee der Politik därft et jo net egal sin, fir mat der Emsetzung vun dem virleienden Text ca 18000 onbescholten Bierger an Wieler finanziell ze ruinéiren. Den historeschen an finanziellen Wert vun ganzen Kollektiounen gett ouni Kompensatioun zerstéiert. Mat deser Emsetzung gin eigentlech déi falsch Leit bestroft. Quasi 100% vun den kriminal Fäll gin mat illegalen Schosswaffen begangen.

Mir sin gesetzestrei Bierger, an weder Terroristen nach Cowboy'en, an bieden Iech, als eis gewielten Vertrieder eis Reflectiounen an Betracht ze zéihen, fir den Projet de Loi gerecht z'iwwerschaffen.

Gären sin mir bereed fir Iech wieder Detailer ze proposéiren, an bei der Ausarbechtung z'ennerstëtzen.

Mat beschte Gréiss,

fir den Comité

Daniel Winandy / President an National Delegate MLAIC